



Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, a vun der Madamm Sam Tanson, Minister fir Justiz, op d'parlamentaresch Fro n° 7125 vum 7. November 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen

1. Kann d'Regierung den nämmechten Tableau virleeën, wéi an der Äntwert op d'Fro n°1259, dëst fir d'Joren 2019 bis 2022 fir d'Gemengen Réimech, Esch/Uelzecht, Lëtzebuerg (Stater Gare eenzel), Déifferdeng, Péiteng, Dikrech, Ettelbréck a Wooltz?

De folgenden Tableau ass d'nämmecht opgebaut wéi den an der Äntwert op d'Fro Nr. 1259 vum 27. September 2019. Déi selwecht Bemierkungen a Restriktiounen wéi se och schonn an der deemoleger Äntwert formuléiert goufen gëllen och hei.

Typ vun Infraktioun	2019	2020	2021
Gemeng Esch			
Vols liés aux véhicules / autres vols	1064	806	984
Violences envers personnes	391	358	467
Affaires drogues	271	327	274
Gemeng Lëtzebuerg			
Vols liés aux véhicules / autres vols	4372	4347	4865
Violences envers personnes	924	820	811
Affaires drogues	2297	2564	1728
Gemeng Déifferdeng			
Vols liés aux véhicules / autres vols	302	283	328
Violences envers personnes	152	169	213
Affaires drogues	111	130	81
Gemeng Péiteng			
Vols liés aux véhicules / autres vols	706	683	766
Violences envers personnes	127	115	128
Affaires drogues	67	99	106
Gemeng Dikrech			
Vols liés aux véhicules / autres vols	126	134	115
Violences envers personnes	69	59	79
Affaires drogues	56	140	151
Gemeng Ettelbréck			
Vols liés aux véhicules / autres vols	186	163	180

Violences envers personnes	92	114	94
Affaires drogues	232	135	170
Gemeng Wolz			
Vols liés aux véhicules / autres vols	72	55	65
Violences envers personnes	48	60	54
Affaires drogues	43	68	78
Gemeng Réimech			
Vols liés aux véhicules / autres vols	80	60	50
Violences envers personnes	25	31	30
Affaires drogues	2	7	6
Quartier Stater Gare			
Vols liés aux véhicules / autres vols	1166	1118	1067
Violences envers personnes	230	261	236
Affaires drogues	1061	1633	1121

2. Huet d'Justiz Donnéeën iwwert d'Widderhuelungstäter bei Infraktiounen wéi Déifstall, Iwwerfäll an Uwendung vu Gewalt? Aneschtens gefrot, a wéi ville Fäll hu scho verurteelt Persounen an deene leschten 10 Joer op mannst eng Recidive fir Déifstall, Iwwerfäll a Gewalt begangen?

Tëschent 2012 an 2021 sinn insgesamt 59 Widderhuelungstäter verurteelt ginn. De folgenden Tableau schlësselt déi verschidden Verurteelungen vun Widderhuelungstäter pro Infraktiounskategorie op.

Catégorie	Nombre de condamnations*
Actes visant des biens avec violence ou menaces contre une personne	7
Actes visant uniquement des biens	49
Agressions ou menaces atteinte à la personne	20

**Eng Persoun déi verurteelt ginn ass fir zwou verschidden Infraktiounskategorien gëtt am Tableau zweemol opgezielt (double comptage).*

Dësen Tableau consideréiert nëmmen déi Persounen, déi virun der Récidive schonn eng Prisongstrof vun op mannst 1 Joer haten. D'Faiten, déi zu der zweeter Verurteilung gefouert hunn, hunn missen an engem Zäitraum vun maximal 5 Joer no der Detentioun begangen gi sinn.

3. Hunn d'Ministere Kenntnis dovunner, ob zu Réimech an de leschte Méint Fäll vun illegale Waffengebrauch passéiert sinn?

D'Ministeren hunn keng Kenntnis iwwert den Detail vun Enquêtes zu présuméierte Strofdoten, well dës, sou wéi d'Gesetz et virschreift, direkt vun der Police den Autorités judiciaires zougedroen ginn.

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX